ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 24. Mäerz 2021

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

An Zesummenaarbecht mam *Radio 100,7* huet de SCRIPT de 16. Mäerz e Webinaire zum Sujet „Lëtzebuergesch an der Schoul" organiséiert. D'Presidentin vun der Programmkommissioun vum Lëtzebuergeschen am Enseignement Secondaire huet do matgedeelt, d'nächst Joer géing e Pilotprojet an engem Lycée ulafen, bei deem d'Schüler vun enger A-Sectioun, nieft dem Italieneschen a Spueneschen, och kënne Lëtzebuergesch als Sprooch wielen.

Weider nach soll op 4e Classique a 4e Generale eng Stonn Lëtzebuergeschcours d'Woch agefouert ginn. Op RTL heescht et de 17. Mäerz, d'Presidentin vun der Programmkommissioun vum Lëtzebuergeschen am Enseignement Secondaire hätt gesot, d'Nofro no pedagogeschem Material wier immens grouss, mee et géif es net genuch ginn.

An deem Kontext wéilt ech dem Här Educatiounsminister gär folgend Froe stellen:

1. Wéi ass de Stand haut beim didaktesche Material fir de Lëtzebuergeschunterrecht jeeweils an der Grondschoul an am Enseignement Secondaire? Kann den Här Minister eng Opléschtung dovu maachen, wat dem Schoulunterrecht hei u Material zur Verfügung steet a wéini dat Material jeeweils ausgeschafft gouf?
2. Wat feelt hei un didakteschem Material? Wat dovun ass aktuell amgaangen ausgeschafft ze ginn an zënter wéini?
3. Wéi vill Leit sinn de Moment domat beoptraagt, didaktescht Material fir Lëtzebuergeschcoursen an de Schoulen auszeschaffen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten